

zousätzlech Bestëmmunge fir d'Protektioun vum Konsument staark genuch sinn. Mir hoffen, dass déi zoustänneg Iwwerwachungsautoritéit dës Kontroll effikass duerchsetzt. Virun allem verlaange mer, dass d'Entwécklung an deem Beräich genau verfollegt gëtt, fir eventuell noutwendeg Upassungen zur Zäit virhuelen ze kënnen.

Merci.

■ **M. le Président.-** D'Wuert huet elo den Här Minister Henri Grethen.

■ **M. Henri Grethen, *Ministre de l'Économie*.**- Här President, am Numm vum der Regierung wäert ech merci soe fir déi breet Ennerstëtzung fir dësé Projet.

■ **M. le Président.-** D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikelen a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)

D'Artikelen 1 bis 27 si gelies an ugeholl.

D'Lecture ass domadder ofgeschloss a mir kommen zum Vote iwwert dee virleiende Projet 5095.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi 5095 ass eestëmmeg ugeholl mat 56 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank (par M. Théo Stendebach), MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz (par M. Nico Loes), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg), Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da kéime mer elo zu deem anere Projet iwwert den Transport. Dat ass de Projet de loi 5125.

4. 5125 - Projet de loi portant sur les transports publics et modifiant la loi modifiée du 12 juin 1965 sur les transports routiers (suite)

Mir fänke fir d'éischt u mat der Lecture vun den Artikelen, ier mer driwwer ofstëmmen.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)

D'Artikelen 1 bis 29 si gelies an ugeholl.

Mir géingen dann elo ofstëmmen iwwert de virleiende Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi 5125 ass ugeholl mat 34 Jo-, 18 Nee-Stëmmen a 7 Abstentionen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank (par M. Théo Stendebach), MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps (par Mme Simone Beissel), Claude Meisch (par M. Jeannot Belling), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer.

Ont voté non: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Alex Bodry), Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Marc Zanussi), Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. François Bausch (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg), Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

Se sont abstenus: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer elo zur Lecture vun den Artikelen an zum Vote vun engem Projet, dee mer gëschter erleedegt hunn, an zu zwou Motiounen.

Mir fänken u mat dem Gesetz iwwert d'Kollektivverträg.

5. 5045 - Projet de loi concernant les relations collectives de travail, le règlement des conflits collectifs de travail ainsi que l'Office national de conciliation et modifiant

1. la loi modifiée du 7 juin 1937 ayant pour objet la réforme de la loi du 31 octobre 1919 portant règlement légal du louage de services des employés privés;

2. la loi modifiée du 9 décembre 1970 portant réduction et réglementation de la durée du travail des ouvriers occupés dans les secteurs public et privé de l'économie;

3. la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État;

4. la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux;

5. la loi modifiée du 23 juillet 1993 portant diverses mesures en faveur de l'emploi (suite)

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)

D'Artikelen 1 bis 19 si gelies an ugeholl.

Den Artikel 20 ass gelies.

Amendement 1

Zum Artikel 20 ass en Amendement abruecht ginn, deen och ausgedeele ginn ass. Deen hutt Der virun lech leien. En ass vun deene Gréngen agreecht ginn. Mir kënnen also direkt driwwer ofstëmmen.

Vote

Wie fir deen Amendement ass, dee stëmmt mat Jo, deen dergéint ass mat Neen oder en enthält sech.

Den Amendement 1 ass verworfen mat 39 Nee- géint 18 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Ferny Nicklaus-Faber;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

M. Jean Colombero;

MM. François Bausch (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg), Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank (par M. Laurent Mosar), MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Nico Loes), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Den Artikel 20 ass also domadder ugeholl, esou wéi e vun der Kommissioun virgeschlo ginn ass.

D'Artikelen 21 bis 51 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen also elo of iwwert de Projet de loi 5045, d'Gesetz iwwert déi nei Kollektivverträg.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi 5045 ass ugeholl mat 51 Jo- an 8 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank (par M. Théo Stendebach), MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank (par M.

Jean-Marie Halsdorf), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps (par M. Jeannot Belling), Claude Meisch (par Mme Simone Beissel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch (par Mme Lydie Err), MM. Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. François Bausch (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg), Camille Gira, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

Ont voté non: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

6. Motion de M. Aly Jaerling relative à la politique d'embauche du groupe Arcelor (suite)

Da kéime mer zum Vote iwwert d'Motioun, déi den Här Jaerling abruecht huet, déi gëschter explizéiert ginn ass, déi lech schréiftlech virläit, esou dass mer och do kënnen direkt zum Vote iwwergoen.

Mir stëmmen also of iwwert d'Motioun.

Vote

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

D'Motioun ass verworfen mat 40 Nee-, 7 Jo-Stëmmen an 12 Abstentionen.

Ont voté oui: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank (par M. Laurent Mosar), MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Nico Loes), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps (par M. Jeannot Belling), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. François Bausch (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg), Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké), Georges Wohlfart et Marc Zanussi.

7. Motion de M. François Bausch relative à la violation des droits de l'Homme en Iraq (suite)

Mir kommen dann elo zur Motioun vum Här Bausch.

Kënnen mer par main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Mir stëmmen also par main levée of.

Vote par main levée

Déi fir d'Motioun sinn, si gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Ech stelle fest, dass déi Motioun eestëmmeg ugeholl ass.

Domadder wier dann och dat Kapitel ofgeschloss an da kënnen mer weiderfuere mat eiser Dagesuerdnung.

Mir kommen zur Diskussioun vun de Projets de loi 5133, 5134 an 5135 iwwert d'Statssécherheet. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et sinn agedroen: déi Häre Santer, Bodry, Rippinger, Henckes a Bausch an d'Madame Beissel. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun deenen dräi Projets de loi, den honorablen Här Lucien Weiler.

8. 5133 - Projet de loi portant organisation du Service de Renseignement de l'État

5134 - Projet de loi relative à la classification de pièces et aux habilitations de sécurité

5135 - Projet de loi portant approbation de l'Accord sur la Sécurité des Informations entre les Parties au Traité de l'Atlantique Nord avec ses annexes 1, 2 et 3 signé par le Luxembourg le 14 juillet 1998

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

■ **M. Lucien Weiler (CSV), *rapporteur*.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle hunn ech d'Eier als Rapporteur lech d'Reform vum Geheimdénkscht ze presentéieren. An ech denken, dass déi Diskussioun, déi mer elo ufänken, déi lescht Momenter sinn a laange Joren, während deem d'Debatten iwwer eise Service de Renseignement ëmmer nees ugelaft, duergelaf an ausgelaf sinn, an dat ouni gréisser konkret Resultater. A wa mer zum Schluss vun der Diskussioun dee Reformprojet, deen d'Regierung eis virgeluecht huet, gestëmmt hunn, dann denken ech dass Lëtzebuerg e Geheimdénkscht huet, deen a seng Zäit passt an och an dat Land, deem en déngen soll.

Net ëmmer huet esou eng Atmosphäre sereine ëm de Geheimdénkscht bestane wéi haut. Et gouf eng Zäit wou de Service de Renseignement den Enjeu hei am Land war vun heftegen ideologeschen Debatten. Déi Zäite sinn eriwuer. Haut denken ech stellt keng Fraktioun hei an der Chamber méi d'Noutwendegkeet vun engem Geheimdénkscht a Fro. Et herrscht Konsens driwwer, datt déi Welt, déi sech an deene leschte Joren entwéckelt huet, leider eng Welt ass, déi ouni Geheimdénkscht a Geheimdénkschter net auskënnt.

Wéi 1960 de Geheimdénkscht geschaf gouf am Kontext vum Gesetz iwwert d'ausser Sécherheet vum Land, war kale Krich an der Welt. Déi zwee ideologesch Bléck, déi sech géintiwwer stongen, hu sech nâischt geschenkt a sech och